

# Entrevue am Nohaltegkeetsministère

De 17. Oktober hate Verrieder vu biireng 21 eng Entrevue am Nohaltegkeetsministère, zesumme mam Minister François Bausch a Staatssekretär Camille Gira (wou d'Reunioun no 20' verlooss huet), Verrieder vu Ponts et Chaussées, Waasserwirtschaftsamt an CFL.

Folgend Punkte goufe beschwat:

1. Kaméidi duerch zousätzleche Camionsverkéier
2. Mobilité douce: Foussgänger a Vëlo
3. Planning
4. Mega-Rond-Point a Verkéier

1: D'Schallschutzmauer kënn op enger Längt vu +/- 1500 m laanscht d'Autobunn (Soibelkaul -> Héischt vun der Rue du Nord). Eng Verlängerung Richtung A3 gëtt opgrond vun enger Kaméidisétude net an Erweegung gezunn. De Ministère hält sech hei strikt un d'Reegel déi beseet, datt wann an der Nuecht d'Limitt vun 50dB net iwwerschritt gëtt, keng Schallschutzmoossname musse getraff ginn.

D'Erklärung vum Minister waren novollzéibar, trotzdem bleiwe mer skeptesch, wat de Kaméidi am Quartier Bireng ubelaangt. Mir fannen et ausserdeem traureg, datt de Staatssekretär, deen zu dësem Moment vun der Réunioun nach am Sall war, kee Versteesdemëch fir déi mënschlech Säit vum Problem hat, a just no Zuelen a Grafike geuerteelt huet!

2: Mir krute weder eng Léisung gewise wéi de Mega-Rond-Point fir Vëlofuerer soll passéierbar sinn, nach wéi de Vëloswee laanscht d'N31 soll verlafen (direkte Verbindung tëschent Diddeleng a Beetebuerg). Zudem krute mer vum Responsable vu Pts. & Ch. matgedeelt, dass net dru geduecht gëtt, fir de Rond-Point fir de Foussgänger passéierbar ze maachen (obwuel dat eng kloer Fuerderung vun der Diddelenger Gemeng war bei der Virstellung am CNA am Abrëll 2014)

Mir sinn absolut enttäuscht datt no 1,5 Joer (Zäitpunkt vun der éischer Presentatioun am CNA) nach keng konkret Pläng virleien. Mir fannen et skandaleis, datt esou Projeten op dës Art a Weis kënnen an Ugrëff geholl ginn! Zudem ginn et bis elo nach keng Iddië, wéi dës Streck zum Zäitraum vum Chantier soll passéierbar bleiwen. Mir vertrauen hei, datt d'Regierung hir Verantwortung hält, an der Mobilité douce déi Plaz araamt, déi se verdéngt an déi och vu ville Politiker an d'Vitrine gestallt gëtt!

3: Am Fréijoer 2015 solle folgend Chantiere simultan ugoen: Mega-Rond-Point Echangeur Burange + Echangeur Hellange + Entrée CFL Multimodal iwwert den CR 161

Mir begrëissen, datt dës Aarbechten gläichzäiteg an Ugrëff geholl ginn an hoffen datt d'Prognose vun CFL a Ministère stëmmen, datt de Mega-Rond-Pont Dudelange-Burange duerch zousätzlech Opfahrten op CFL Multimodal entlaascht gëtt.

4: Um Mega-Rond-Point gëtt net gerüttelt. Dee kënn esou, wéi en och bei eis um Site ze fannen ass. Pts. & Ch. hu wuel d'Pläng vum Paul Guennou analyséiert an a

Computersimulatiounen ënnert d'Lupp geholl, sinn awer zur Conclusioun komm, datt de Projet esou net ze realiséiere wier.

Mir bleiwen der Iwwerzeegung, datt dëse Mega-Rond-Pont kengesfalls déi bescht Léisung fir dës Plaz ass an Alternative méiglech gewiercht wiere, wann de Projet nach net esou wäit fortgeschratt wier. Zudem empfanne mir et als eng Frechheet an e Schlag an d'Gesicht vum Steierzueler, wann an Zäite vu Spuermoßnahmen op allen Niveaue e Budget vun € 38.000.000,00 gestëmmt gët fir esou e Mega-Rond-Point ze realiséieren.